De President Jean Thurmes huet a senger Usprooch d'Musikanten, d'Comitésmemberen, d'Marscheuren an d'Invitéë begréisst an hinne Merci gesot. E grousse Merci fir déi finanziell a moralesch Ënnerstëtzung adresséiert hien un d'Gemengevertrieder vu Bous a Waldbriedemes.

No enger Gedenkminutt fir verstuerwe Membere wärend dem leschte Joer huet de Sekretär Marc Schumacher den Aktivitéitsbericht vun der Trëntenger Musek vum Joer 2018 virgedroen. Aus dem Rapport war erauszehéieren, dass net manner wéi 6 Concerte gespillt an 12 Cortègen a Sortië musikalesch encadréiert goufen. Donieft stoungen och nach 8 grouss Manifestatiounen, wéi Fuesend baken, Kannerfuesbal an d'Kiischtefest um Programm. Fir déi sëlleg Sortien ze preparéieren haten d'Musikanten 38 Prouwen an 2 Prouwestagen.

De Jean Thurmes huet uschléissend den Aktivitéitsbericht vun den Trëntenger Kiischtentrëppler virgedroen. De Keessjee Fernand Hoss huet de Bericht vun de Recetten an Dépensen ausféierlech virgedroen.

Am Numm vun de Keesserevisoren huet den Armand Becker dem Fernand villmools Merci gesot fir déi gutt Aarbecht déi hie mécht. Hien huet d'Generalversammlung gebieden dem Comité d'Déchargen ze ginn.

D'Sandy Mreches an den Armand Becker sinn als Keesserevisore vun der Generalversammlung ugeholl ginn.

Nodeems sämtlech Rapporteë vun der Generalversammlung eestëmmeg ugeholl goufen, stoung d'Neiwiel vun engem Deel vum Comité op der Dagesuerdnung. De Fernand Hoss, de Jouko Menger an d'Lynn Ruppert waren austriedend an nees nei wielbar. De Jouko Menger huet seng Kandidatur nët méi fir an de Comité gestalt. De President huet dem Jouko am Numm vum Comité an alle Musikante villmools Merci fir seng Aarbecht gesot. Dem Fernand Hoss a Lynn Ruppert hier Kandidature sinn eestëmmeg vun der Generalversammlung ugeholl ginn. D'Deike Wolter huet eng Demande fir an de Comité gestallt, och dës Kandidatur ass eestëmmeg vun der Generalversammlung ugeholl ginn.

Deemno setzt sech de Comité fir d' Joer 2019 folgendermoossen zesummen:

President: Jean Thurmes
Vice-Presiden: Lucie Raach
Sekretär: Marc Schumacher
Keessjee: Fernand Hoss
Jugendvertrieder: Lynn Ruppert
Memberen: Mariette Hemmen, Deike Wolter

Dono gouf e gutt geféllte Programm fir d'Joer 2019 vum Sekretär Marc Schumacher virgestalt. Déi grouss Manifestatioune fir d'Joer 2019 sinn: 9. Juni Galaconcert, 7.

Juli Kiischtefest mat IVV-Wanderung zu Trënteng an nach weider vill Manifestatiounen.

Duerno huet de President d'Wuert viru ginn un d'Gemengevertrieder vun de Gemenge Bous a Waldbriedemes.

De Carlo Kütten, Buergermeeschter vun der Gemeng Bous, sot der Trëntenger Musek villmools Merci fir hiert Engagement a bemierkt, datt d'Trëntenger Musek ëmmer do ass wa se gebraucht gëtt. Weiderhin huet hien déi gutt Zesummenaarbecht tëschent der Musek an der Gemeng Bous betount, an huet nach eng Kéier dorop higewisen, dass d'Gemeng Bous d'Trëntenger Musek do ënnerstëtzt wou si kann.

De Louis Oberhag, Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbriedemes, seet der Musek ganz häerzlech ee grousse Merci fir hiren enormen Asaz an dee grousse Programm. Hien huet betount, dass d'Musek feste Bestanddeel an der Gemeng ass a vum kulturelle Liewen net ewech ze denken ass. Och zur Geschicht vun der Gemeng gehéiert d'Trëntenger Musek fest dozou.

No de Riede vun de Gemengevertrieder an der fräier Aussprooch stoung nach eng Scheckiwwerreechung um Programm. Am Kader vun der Quête nom Chrëschtconcert, den 9. Dezember 2018 zu Trënteng an der Kierch, konnten net manner wéi 1075 € gesammelt ginn. Dëse Scheck ass un de Frëndeskrees Kamerun a.s.b.l iwwereecht ginn. De President, Léon Kraus, war begeeschtert vum Concert mat engem ofwiesslungsräiche Programm an ass frou, dass esou eng Zomm zesummekomm ass. Dësen Don ass vun enormer Bedeitung fir d'asbl an all eenzelnen Cent fléisst am Kamerun an ee wichtege Projet.

Duerno huet de President nach eng Kéier e grousse Merci gesot an huet d'Versammlung opgehuewe fir op den Aperitif mat uschléissendem Mëttegiessen ze invitéieren.



2019
19|01




# Generalversammlung vun der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes

D'Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes huet hier Generalversammlung iwwer d'Joer 2018 samschdes, den 19. Januar 2019 am Veräinsbau „Jos Rennel" ofgehal.

De President Jos Muller begréisst all Memberen, den Här Burgermeeschter Louis Oberhag mat Schäffen a verschiddene Leit aus sengem Gemengerot, d'Vertrieder vun den Nopesch-Amicallen Conter a Mutfert an all weider Invitéen, die drop gehal hunn un dëser Generalversammlung deelzehuelen.

No enger Gedenkminutt fir déi verstuerwe Memberen a ganz besonnesch der Mme. Rennel Suzanne als lescht verstuerwe Giedel vum neie Fändel am Joer 2001, ass de President an engem kuerze Réckbléck iwwer d'Joer 2018 agaang.

Weider huet hien ervirgestrach, dass eng ganz gutt Zesummenaarbecht bei allen Aktivitéite während dem vergaangene Joer bestan huet, genee wéi och dat excellent Zesummeschaffe mat den Nopesch-Amicallen Conter a Mutfert déi alles an allem dat selwecht Zil hu fir d'Pompjeeswiese voll a ganz ze ënnerstëtzen. Duerfir e grousse Merci fir jiddereen deen doru bedeelegt war .

De Gemengeverantwortleche gouf Merci gesot fir d'Ënnerstëtzen an d'Engagement vis-à-vis vun der Amicale während dem vergaangene Joer.

Am Tätegkeetsbericht, virgedroe vum Sekretär Philippe Rennel, war erauszehéieren, dass 23 verschidden Aktivitéiten, 3 Membereversammlungen, 4 Comitéssëtzungen a verschidde Virstandsversammlungen mat den Nopesch-Amicallen ofgehal goufen. Weider huet eis Amicale un allen übleche Manifestatiounen an eiser Gemeng deelgeholl. D'Buergbrennen de 17. Februar zu Trënteng an d'Grillfest den 16. / 17. Juni zu Waldbriedemes hu mat vollem Erfolleg erëm zum kulturellen Deel an eiser Gemeng bäigedro.

De Keesjee Luc Cordewener konnt a sengem ausféierleche Keessebericht vun 2018 mat enger positiver Bilanz opwaarden, wouropshin d'Keesserevisoren der Versammlung d'Entlaaschtung virgeschlo hunn.

Fir d'Joer 2019 steet nieft den übliche Manifestatiounen, dem Buergbrennen an dem Grillfest den 29. an 30. Juni, och erëm eng enk Zesummenaarbecht mat der neigegrënnter Amicale vum „Centre Incendie Secours" CIS an de bestehenden Nopesch-Amicallen um Programm.

Uschléissend konnten d'Presidente vun der Amicale Conter a Mutfert d'Wuert ergräifen, sote Merci fir di excellent Zesummenaarbecht wärend dem vergaangene Joer an hunn de Wonsch geäussert, an deem Sënn fir d'Zukunft och erëm esou weider ze schaffen.

Am Numm vun der Gemeng Waldbriedemes huet de Buergermeeschter Louis Oberhag ganz häerzlech Merci gesot fir di geleeschten Aarbecht am Déngscht vun de Matmënschen an och fir dat gutt Zesummeschaffe mat der Gemeng. Och huet hie weiderhin d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

De Virstand setzt sech zesummen aus: Jos Muller (President), Thomas Wolter (Vizepresident), Philippe Rennel (Sekretär), Luc Cordewener (Caissier), Laurent Muller (Jugendvertrieder) a Yann Mombach (Bäisetzenden).



## Generalversammlung vun „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus“

„Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus“ huet dënschdes, den 19. Februar 2019 seng Generalversammlung am Centre Jos Rennel ofgehalen.

D´Begréissung ass dëst Joer duerch de Vizepresident Louis Oberhag gemaach ginn. Hien huet an enger Gedenkminutt un de President Aloyse Greisch erënnert, deen di dreiwend Kraaft fir d´Restauréierung vun der Muller Uergel aus der Kierch vu Waldbriedemes war.

De Sekretär Georges Birkel huet de nächste Concert an der Kierch mam Nora Braun um Cello, dem Diane Nimax op der Harf an dem Gilles Leyers op der Uergel virgestallt. Well de Veräin schonn 20 Joer besteet, soll dëse Concert och op CD opgeholl ginn.

Den Aly Mathias huet am Numm vum Helmy Mathias-Heck de Keessebericht virgedroen, deen och esou vun der Versammlung ugeholl ginn ass.

An der Diskussioun goufe Froen opgeworf, wéi een eis Uergel nach méi kënnt benotzen. Esou koum ënner anerem de Virschlag, si der UGDA fir Museksstonnen zur Verfügung ze stellen oder méi kleng Concerte mat Studenten unzebidden. Op alle Fall wëll ee mat de jäerleche Concerte virufueren.

Nei an de Comité ass d´Trine Bodker vu Waldbriedemes opgeholl ginn. De Louis Oberhag gëtt neie President.

E grousse Merci goung un eis Gemeng déi de Veräin „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus“ kräfteg ënnerstëtzt.



# Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall



D'Generalversammlung fir d'Joer 2019 ass donneschdes, de 14. Mäerz 2019 am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehal ginn.

Et war eng gutt besichte Versammlung, d'Presidentin Astrid Federspiel konnt 28 aktiv Membere begréissen, ënner hinnen de Schäffen Pol Thiltges. Entschëllegt waren de Buergermeeschter Louis Oberhag, d'Schäffin Trine Bodker, d'Gemengeréit Thomas Wolter a Jean-Claude Ruppert.

Als Vertrieder vun de Senioren Weiler/Haassel/Syren hunn d'Annette Moos, d'Josette Felten an den Aloyse Glodt un der Generalversammlung deelgeholl.

De Sekretär Martin Bohler huet en Iwwerbléck vun den Aktivitéiten 2018 gemaach.

De Veräin huet 89 Memberen, dovun 38 aktiv Memberen déi regelméisseg un den Aktivitéiten vum Veräin deelhuelen. De Comité huet sech a 5 Sëtzunge getraff. Desweidere waren 12 "Porte Ouverten".

Ausflich waren der dräi mat de Seniore vu Weiler/Haassel/Syren.

Déi traditionell Mammen- a Pappendagsfeier war den 19. Oktober am Restaurant Hammes zu Perl. Als Cadeau huet all Member e Ritzenhoff-Glas kritt.

D'Chrëschtfeier war den 13. Dezember am Restaurant "Delicious" zu Sandweiler.

Geéiert sinn do ginn fir 75 Joër: Bebby Kox, fir 80 Joër: Berthy Hinterscheidt a Maddy Golinsky.

De Programm 2019 gesäit niewent de "Porte Ouverten" déi all Mount sinn, och nach en Ausfluch, zesumme mat de Seniore vu Weiler/Haassel/Syren, fir.

Fir de Programm 2019 ginn et nach verschidde Propositioune vum Comité fir nach déi eng oder aner Aktivitéit an de Programm mat anzebauen.

De Keessebericht vum Astrid Federspiel bestätigt eng gesond Finanzsituatioun vum Veräin an am Numm vun de Keesserevisoren huet de Georges Birkel eng ausgezeechent Keesseféierung bestätegt an d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung gefrot.

D'Keesserevisore Georges Birkel, Annette Bohler-Mousel a Jacqueline Gengler si fir déi nächst Period bestätegt ginn.

Austriedend am Comité war d'Presidentin Astrid Federspiel déi vun der Generalversammlung fir e weidert Mandat bestätegt ginn ass.

Op Propositioun vum Comité bleift de Beitrag fir d'Memberskaarten onverännert bei minimum 10 Euro.



De Schäffe Pol Thiltges huet am Numm vun der Gemeng Merci gesot fir d'Aarbecht, déi de Veräin am Laf vum Joer geleescht huet, a besonnesch déi regelméisseg Aktivitéiten ervirgestrach an och weiderhin déi voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

# 10 Jahre gelebte Solidarität mit hilfsbedürftigen Kindern und Jugendlichen in Kamerun

Waldbredimus: Anlässlich des 10-jährigen Bestehens des ‚Frëndeskrees Kamerun' als Vereinigung begrüßte Präsident Léon Kraus die Mitglieder und Ehrengäste, u.a. den Bürgermeister Louis Oberhag der Gemeinde Waldbredimus.

In seiner Ansprache vor der Generalversammlung sprach der Präsident von einem arbeitsreichen Arbeitsjahr 2018, in dem die gesetzten Ziele durch das unermüdliche Engagement des Vorstandes und vieler Freiwilliger erfüllt wurden.

Die Sekretärin Marie-Paule Arendt-Brosius wies in ihrem Bericht auf viele Aktivitäten hin, durch die Spendengelder gesammelt, sowie den lebendigen Kontakt zu den Verantwortlichen im ‚Haus der Hoffnung' in Kamerun gepflegt wurden. So konnte der Freundeskreis im Mai des vergangenen Jahres auch die Gründerin des Projektes, Sr Brigit Mewoulou, in Luxemburg willkommen heißen.

Der Kassierer Änder Ludovicy präsentierte einen finanziellen Jahresbericht, der sich im Gleichgewicht befindet. Allerdings dürfen die Anstrengungen, um jährlich 33.000 € für das Hilfsprojekt im Kamerun zu sammeln, keinesfalls nachlassen.

Sodann musste der Präsident zwei Demissionen von Vorstandsmitgliedern mitteilen, denen für ihren Einsatz für das Projekt gedankt wurde. Da zwei neue Kandidaturen vorlagen, wurden Sara Sommer und Camille Schneider durch den Applaus der Generalversammlung in den Vorstand aufgenommen. Dieser Vorstand setzt sich nun zusammen aus: Léon Kraus – Präsident, Marie-Paule Arendt-Brosius – Vize-Präsidentin und Sekretärin, Änder Ludovicy – Kassierer, sowie den Mitgliedern: Annette Scholer, Raymond Brosius, Sara Sommer und Camille Schneider.

Im Anschluss an die Generalversammlung lud der Vorstand zum traditionellen ‚Kéisowend' ein. Viele Gönner ließen sich diesen kulinarischen Höhepunkt nicht entgehen. Während des Abends ergriff Martine Regenwetter von ‚partage.lu' das Wort. Sie fand Anerkennung und Dank für den Einsatz des ‚Frëndeskrees Kamerun'. Der Bürgermeister Louis Oberhag lobte in seiner Ansprache das unermüdliche Engagement der Freiwilligen und freute sich über die konkrete Solidaritätshilfe des Freundeskreises, der keine Mühen scheut, um sogar an Ort und Stelle tätig zu werden, damit die Spendengelder ihr Ziel erreichen.

In den kommenden Wochen wird eine Delegation aus Luxemburg nach Kamerun reisen, um mit dem kamerunischen Partner das Projekt an Ort und Stelle zu begutachten. Über diese Erfahrungen wird im Oktober ausführlich berichtet werden, da der Vorstand vom FK zum 10-jährigen Bestehen der Vereinigung ein Solidaritätsfest für die Paten des Projektes, für die Mitglieder und Sponsoren sowie für alle Interessierten, vorbereitet.





# Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative

De Cercle Culturel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus huet Samschdes, de 27. Abräll 2019, seng Generalversammlung am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes ofgehalen. D'Begréissung ass duerch de President Christian Greisch gemaach ginn. De President huet un dem Robert Mousel an dem Aloyse Greisch, déi eis alle béid d'lescht Joer verlooss hunn, hier Verdingschter erënnert a mir hunn eng Gedenkminutt ofgehalen. No deene verschiddene Berichter vum Sekretär a vum Keessier, déi all gutt geheescht goufen, gouf de weidere Programm 2019-2020 virgestallt an ugeholl.



De Claude Wies, dee scho méi laang mat eis Theater spillt, huet seng Kandidatur fir an de Comité gestallt a gouf duerch d'Generalversammlung eestëmmeg gewielt. De Comité besteet elo aus 10 Leit.

Éier de President d'Schlusswuert geschwat huet, huet de Buergermeeschter, Louis Oberhag, dem Veräin Merci gesot fir déi wäertvoll Aarbecht déi de Cercle Culturel et d'Initiative scho säit 43 Joer an der Gemeng mécht an huet eis alles Gutts fir d'Zukunft gewënscht an dass mir ëmmer op d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng ziele kënnen.

Zum Ofschluss ass et nach e gudde Maufel z'iesse ginn.




## Liichten






## D'Trëntenger Musek huet Fuesknïet gebak

E Samschdeg, den 9. Februar 2019 huet d'Trëntenger Musek scho fir déi eelefte Kéier Fuesknïet zu Waldbriedemes am Centre Culturel Jos Rennel gebak. Scho moies fréi hu sech d'Musikante getraff an um 5.30 Auer ass et och scho lass gaange mat Knieden an Baken.

D'Kniet sinn an de Gemenge Bous a Waldbriedemes verkaaft an ausgeliwwert ginn. D'Leit konnten hir Kniet awer och selwer siche kommen an nach bei enger Taass Kaffi der Hirstellung vun de Fuesknïet nokucken.

# Fuesbal, organiséiert vum Dësch-Tennis Eiter-Waldbriedemes

Gutt Ambiance bei flotter Musek um Fuesbal beim Lucie, den 1. Mäerz 2019.
















## Kannerfuesbal 2019

E Samschden, den 2. Mäerz hat d'Trëntenger Musek hiren traditionelle Kannerfuesbal zu Waldbriedemes am Centre Culturel organiséiert. Och dëst Joer konnten déi kleng Fuesboken zesumme mat hiren Elteren bei flotte Spiller, Musek an Ambiance e puer flotter Stonne verbréngen.









# Buergbrennen

No engem ale Brauch ass traditiounsgeméiss och dëst Joer erëm e Buergbrennen vun der Amicale Pomjeeë Gemeng Waldbriedemes zu Trënteng beim gemengentechneschen Atelier organiséiert ginn.

Samschdesowes den 9. Mäerz géint 19:00 Auer goufe Buergdamm a Burghär ënner den am viraus verkaaften Ticketen ausgeloust a si konnten uschléissend d'Buerg a Brand stiechen.

Fir Iessen a Gedrénks war och beschtens gesuergt. Wirschtercher oder Mettwurscht mat Sauerkraut an eng gutt Lënsenzopp waren d'Spezialitéite vun deem Dag.

Wäissen a roude Glühwäin an och e gudde waarme Schoki hunn niewt anerem Gedrénks net gefeelt.

Vill Leit aus eiser Gemeng an Ëmgéigend hunn drop gehal fir bei dësem traditionelle Buergbrennen derbäi ze sinn a konnten e puer flott Stonnen a gudder Gesellschaft am gehëtzten Zelt verbréngen.











## A wat elo? Out of order
## Theateropféierung vum Cercle Culturel et d'Initiative

Well de Chamberspresident nees eng Nuetssëtzung ugesot huet, huet d'Regierung eng Suite am Hotel Cravat fir de Minister Scholtes gebucht. Mee amplaz dem Premier säin Job ze retten, mengt de Minister et wär méi flott an deeër Zäit seng tëschemënschlech Relatioune mat der Sekretärin vum Chamberspresident ze verdéiwen. Dass dëst natierlech aneschters kënnt wéi den Här Minister sech dat virgestallt huet, dat hunn lech d'Theaterowender vum Cercle Culturel et d'Initiative vun der Gemeng Waldbriedemes verroden.

Gespillt gouf „A WAT ELO? OUT OF ORDER", en turbulent Boulevard-Theaterstéck an zwee Akten vum Ray Cooney, fräi iwwersat vum Anja Ringler-Poss, den 23., 30. an 31. Mäerz 2019 am Veräinsbau Jos Rennel zu Waldbriedemes.

Eng wonnerbar Ambiance duerch déi vill Leit, déi während deenen dräi Owender kucke komm sinn, huet zum vollen Erfolleg vun dëser Manifestatioun bäigedroen.









2019
**24|03**

# Relais pour la vie

## Participants de notre commune

**Équipe 1**

*Marcelle Mangen*
*Anouk Cordewener*
*Michael Scott*
*Ludo*
*Michelle Schweizer*
*Justine Fischer*
*Vanessa Rees*
*Stefan Heynes*
*Nathalie Van Rijswijck*
*Dany Da Barros*
*Vincenzo Delmonte*
*Isabelle Tunc*
*Helin Tunc*
*Hiva Tunc*
*Cristina Tropiano*
*Otavio Tropiano*
*Maggy Lommel*
*Carine Kremer*
*Emeline Prespitero*
*Samantha Bazar*
*John Bodker*
*Laurent Glodt*
*Jonathan Kent*
*Shenna Kent*
*Natacha Kent*

**Équipe 2**

*Thomas Wolter*
*Marina Wolter*
*Silvia Bento*
*Georges Bento*
*Billy Troes*
*Paula Cunha*
*Milly Thurmes*
*Jean Thurmes*
*Malou Weber*
*Jeannette Bela*
*Francis Lippert*
*Astride Lippert-Hoffmann*
*Yannick Lippert*
*Jerry Lippert*
*Maggy Lommel*
*Serge Wagner*
*Beatrice Wagner*
*Mathias Helmy*
*Gaston Knepper*
*Louis Oberhag*
*Kevin Lippert*
*Yves Moyen*
*Mariette Colletin-Lippert*
*Alain Colletin*





## Konzert für Cello, Harfe und Orgel in Waldbredimus

Am 7. April 2019 hatte die Vereinigung „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus" zu einem besonderen Konzert in die Kirche von Waldbredimus eingeladen. Die drei jungen Künstler: Nora Braun am Cello, Dina Nimax an der Harfe und Gilles Leyers auf der Orgel wussten mit ihren musikalischen Darbietungen sowohl als Kammerorchester als auch als Solisten die vielen Zuhörer zu begeistern. Besonders die „Fantasie für Harfe“ von Louis Spohr, das Präludium aus Johann Sebastian Bachs Cello Suite 1 sowie „Der Schwan“ für Cello und Harfe von Camille Saint-Saëns ernteten stürmischen Beifall

Beim anschließenden Empfang im „Centre Jos Rennel“ würdigte Bürgermeister Louis Oberhag die Leistungen der drei jungen Musiker und hob die Bedeutung von solchen Konzerten auf ländlichem Raum hervor.

## Concert pour violoncelle, harpe et orgue à Waldbredimus

Le 7 avril 2019, l'association "Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus" a invité à un concert spécial à l'église de Waldbredimus. Les trois jeunes artistes: Nora Braun au violoncelle, Dina Nimax à la harpe et Gilles Leyers à l'orgue ont su enthousiasmer les nombreux auditeurs par leurs prestations musicales tant comme orchestre de chambre que comme soliste. La „Fantaisie pour harpe“ de Louis Spohr, le prélude de la Suite pour violoncelle 1 de Johann Sebastian Bach ainsi que "Le Cygne" pour violoncelle et harpe de Camille Saint-Saëns ont été particulièrement applaudis.

Lors de la réception offerte par la commune dans le "Centre culturel Jos Rennel" le maire Louis Oberhag a loué les prestations des trois jeunes musiciens et a souligné l'importance de tels concerts dans de petites églises rurales.



**D'CD (15€) vum Concert Ka bestallt ginn beim Georges Birkel.**
**GSM: 621 251 450 oder birkelg@pt.lu**







# Mee-Feier vun der Trëntenger Musek











# Mee-Feier vum Cercle Cultrel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus









# An dëser Nummer


| | |
|---|---|
| Adresses utiles | 2 |
| Virwuert vum Buergermeeschter | 3 |
| **Aus dem Gemengerot** | |
| Gemeinderatssitzung vom 20. Februar 2019 | 4 |
| Gemeinderatssitzung vom 6.-27. März 2019 | 5 |
| Gemeinderatssitzung vom 25. April 2019 | 6 |
| Autorisations de bâtir janvier - avril 2019 | 7 |
| **Avis au public** | |
| Die Bäume auf dem Dorfplatz in Waldbredimus | 8 |
| Feier zu Ierseng | 9 |
| Feier der Pensionäre \| Fête de pensionaires | 10 |
| Neujahrsempfang \| Réception du nouvel an | 11 |
| Schüler- und Sportlerehrung \| Réception pour les étudiants et les athlètes | 12 |
| **Maison Relais** | |
| Elterefest, d'Maison Relais stellt sech vir | 13 |
| Geckeg Wochen an der Maison Relais | 14 |
| Maison Relais « Am Kiischtenascht » meets « Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes» | 15 |
| **Commissions** | |
| D'Sport a Jugendkommissioun vun der Gemeng Waldbriedemes | 16 |
| Groussbotz an der Gemeng Waldbriedemes | 17 |
| Keine Pestizide für mehr Biodiversität | 18-19 |
| **Associations** | |
| Geféllte Programm a Scheckiwwerreechung | 20-21 |
| Generalversammlung vun der Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbriedemes | 22 |
| Generalversammlung vun „Eis Kierch-Eis Uergel Waldbredimus" | 23 |
| Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall | 24 |
| 10 Jahre gelebte Solidarität mit hilfsbedürftigen Kindern und Jugendlichen in Kamerun | 25 |
| Generalversammlung vum Cercle Culturel et d'Initiative | 26 |
| **Événements** | |
| Liichten \| D'Trëntenger Musek huet Fueskniet gebak | 27 |
| Fuesbal, Org. Dësch-Tennis Eiter-Waldbriedemes | 28 |
| Kannerfuesbal 2019 | 29 |
| Buergbrennen | 30 |
| A wat elo? Out of order - Theateropféierung vum Cercle Culturel et d'Initiative | 31 |
| Relais pour la vie | 32 |
| Konzert für Cello, Harfe und Orgel in Waldbredimu | 33 |
| Mee-Feier vun der Trëntenger Musek | 34 |
| Mee-Feier vum Cercle Cultrel et d'Initiative de la Commune de Waldbredimus | 35 |


# Manifestatiounskalenner

| | |
|---|---|
| Dammenturnveräin: Aerobic & Zumba Méindes, 20:00-21:00, Schoul zu Trënteng, ausser an der Vakanz | |
| **23.06.2019** | Nationalfeiertag, Waldbriedemes 10.30h |
| **29.-30.06.2019** | Grillfest, org. Amicale Pompjeeën vun der Gemeng Waldbriedemes |
| **07.07.2019** | Kiischtefest mat IVV Wanderung, Trënteng, ab 07:00h |
| **03.-04.08.2019** | Dressurturnier, org. Reitsportverein PEGASUS, Waldbredimus |
| **08.-11.08.2019** | Springturnier, org. Reitsportverein PEGASUS, Waldbredimus |
| **28.09.2019** | IVV-Hierschtmarsch zu Bous, org Kiischtetreppler, ab 07:00h |
| **09.11.2019** | Hämmelsmarsch zu Trënteng |
| **10.11.2019** | Kirmes zu Trënteng |
| **24.11.2019** | Cäciléienfeier zu Bous |
| **29.11.2019** | Kéisowend zu Waldbriedemes am Centre Culturel, ab 19:30h Org. Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes |
| 30.11.2019 | Kleeserchersfeier & Chrëschtmaart (org. Elterevereenegung) zu Trënteng, ab 16:00h |
| 08.12.2019 | Chrëschtconcert zu Trënteng an der Kierch |
| 14.12.2019 | Chreschtucht, 19:00h, Centre Culturel, Waldbredimus, org. CCIW |

# Informatiounskommissioun

| | | | |
|---|---|---|---|
| Thomas Wolter (Präsident) | 621 240 689 | Marcelle Mangen | 621 384 444 |
| Georges Birkel | 621 251 450 | Jouko Menger | 691 350 978 |
| Gérard Caye | 621 268 418 | Alain Mreches | 691 668 955 |
| Gilbert Godart | 661 660 346 | Pol Thiltges | 621 192 861 |
| Steve Hopp | 691 355 128 | Georges Weber | 621 710 438 |
| Eduard Lagemann | 691 355 990 | | |

Green up your Communication kiwimedia.lu